

## Oochen

Zu Oochen ass et deelweis bessen mei schwiereg eng Wunneng ze fannen an den Meint ier d'Wantersemester ungeet, well zimlech vill Leit an dei kleng Stadt studeieren kommen. Mee keng Panik, bislo huet nach emmer jiddereen eng Wunneng rechtzaiteg zum Semesterstart kritt.

Hei sinn dei beschten Meiglechkeeten fir zu Oochen no enger Wunneng ze sichen:

1. Unfänken geif ech mat der sich iwwer Internet, do ginn et enner aanerem folgend Saiten dei ganz gudd sinn : <http://www.immobilienscout24.de/> , <http://www.wg-gesucht.de/> , <http://www.studenten-wg.de/> , <http://www.studenten-wohnung.de/> , <http://www.kalaydo.de/> an speziell fir Oochen nach <http://extraraum-aachen.de/>
2. Op eiser Facebook sait \*AVL – Letzebuerger Studenten zu Oochen“ posten emmer eng Partie Leit hier Wunneng dran wann des grad friai gett
3. Op der Uni selwer um schwarzen Brief am Audimax an am Karman Auditorium
4. Dages an Wochenzeitungen durchkucken wann een schon bis zu Oochen ass
5. Beim Studentenwerknofroen fir Studentenwunnungen, mee dat ass meehtens ganz schweier well d'Nofro vill mei grouss ass wei Angebot

Wann et dann mol eng keier net sollt klappen fir op Anhieb eng eegen Wunneng ze fannen ass emmer nach d'Meiglechkeet fir no engem Zemmer an enger WG ze sichen. Vue dat Oochen eng Studentenstadt ass mat wait iwwer 50000 Studenten op 240000 Anwunner, ginn et zimlech vill WG'en wou och regelmeisseg Platzen friai ginn.

Den durchschnettlechen Loyer zu Oochen lait bei 350-450€ warm. Bei all meiglechen Froen kann een och emmer Kontakt zu eis ophuelen iwwert den [info@avl.lu](mailto:info@avl.lu) oder wei uewen well beschriwwen an eiser Facebookgrupp laanscht kucken an do seng Froen stellen, mir hellefen emmer gaer viirun.